PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

Bei héijen Temperaturen am Summer ass et gängeg, dass d'Tempolimitt op den Autobunnen op 90km/h reduzéiert gëtt, wann d'Ozonwäerter de Schwellewäert vun 160 Mikrogramm iwwerschreiden. Dëst ass och am Artikel 156 Punkt 3 vum Code de la Route festgehalen. Etüden no soll eng Reduzéierung vun der Geschwindegkeet den Ausstouss vu gëftege Gaser, dorënner de NOX3, bemierkbar reduzéieren. D'Benotze vun Elektroautoen geet natirlech nach ee Schrëtt méi wäit, well hei keng Gaser ausgestouss ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de Mobilitéitsminister der Meenung, dass den Artikel 156 Punkt 3 Sënn mëscht fir Elektroautoen?

2. Ass d'Regierung der Meenung, dass een zum Artikel 156 Punkt 3 eng Exzeptioun fir Elektroautoen aféiere misst? Falls nee, kéint den Här Minsiter erkläeren firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député